



**Gemeinsam Äntwert vum Här Finanzminister Gilles Roth an der Madamm Ministerin fir Mobilitéit, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Froen n° 150 vum 4. Januar 2024 vun der éierbarer Deputéierten Octavie Modert**

Verschidden Traktorsbesëtzer krute virum Joreswiessel fälschlecherweis vun der Douanes- an Akziseverwaltung eng Opfuederung geschéckt, fir d'Autossteier op hir Trakteren ze bezuelen.

Dësen Iertum ass op e Feeler an engem Informatiksprogramm vun der Douanes- an Akziseverwaltung zeréck ze féieren. De Feeler gouf zanter hir behuewen.

346 Traktorsbesëtzer si vun dëser falscher Opfuederung betraff.

D'Douanes- an Akziseverwaltung mécht e Communiqué fir all concernéiert Leit a Betriber iwwert den Iertum ze informéieren.

All déi Concernéiert, déi scho bezuelt hunn, ginn eenzel ugeschriwwen, fir dass si hir Suen direkt kënnen rembourséiert kréien.

Dësen onglécklechen Virfall ass reng nëmmen engem Feeler an engem Informatiksprogramm geschéllt. Et handelt sech deemno net ëm eng Simulatioun vu Recetten.

Lëtzebuerg, de 5. Januar 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth